LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 25 novembre 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:48, 25/11/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 3022 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3022 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Déi aktuell Situatioun an déi sanitär Mesuren, déi domadder verbonne sinn, hunn och en Impakt op den non formalen Bildungsberäich. Verschidde Strukturn konnten effektiv opgrond vun dëse sanitäre Mesuren net méi all d'Kanner, déi bei hinnen eng Plaz haten, ophuelen.

Am Kader vun der Kapazitéit, déi iwwer den Agrement accordéiert gëtt, verwalten d'Gestionnairen vu Betreiungsstrukturen hir Aschreiwunge selwer a leeën och d'Prioritéite fir d'Aschreiwunge fest. Dëst erlaabt hinnen, flexibel op déi lokal Spezifizitéiten ze reagéieren. Well d'Plazen deelweis limitéiert sinn, kann et virkommen, datt zu verschidde Momenter d'Demande an där enger oder anerer Gemeng méi héich ass wéi déi momentan Offer.

An dëse Fäll definéiert de Gestionnaire Critèren no deenen Plaze prioritär verdeelt ginn. Dës Critèrë sinn entweeder Bestanddeel vum Kontrakt, deen d'Eltere mat der Struktur ënnerschreiwen oder si sinn iwwert de Règlement d'ordre interne festgehalen. Déi allengerzéiend Persoune gehéieren dacks zu der Populatioun, déi eng Prioritéit huet bei der Verdeelung vun de besteeënde Plazen.